ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Sproochegesetz muss geännert ginn!

Pressematdeelung vum 20. Februar 2019

D'ADR fuerdert eng Ännerung vum Sproochegesetz vum 24. Februar 1984. D'aktuell Situatioun vun der Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg mécht et iwwerflësseg, Verwaltungen d'Wiel ze loossen, a wéi enger Sprooch si Courrier beäntweren. Dëst sollt duerch d'Obligatioun ersat ginn, dem Bierger an därer Sprooch schréftlech ze äntweren, an där hie sech u si adresséiert huet.
De Fernand Kartheiser huet an deem Sënn eng Proposition de loi deposéiert. Inspiréiert gouf den ADR-Deputéierte duerch e Kommunikee vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 18. Februar mat deem d'Associatioun op de 35. Joresdag vum Gesetz opmierksam gemaach huet.

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg